



N°8268  
Entrée le 29.08.2023  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 30.08.2023

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/08/2023

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa weiderzeleeden.**

Eis gouf zougedroen, dass zu New York d'Residenz vum lëtzebuenger Ambassadeur bei der UN grad renovéiert gëtt. Dës Residenz gehéiert dem Staat. Fir d'Zäit vun de Renovatiounsaarbechte lount de Lëtzebuenger Staat aktuell angeblech fir vill Suen een Appartement am Trump Tower op der 5th Avenue. An dësem Gebai huet souwuel den Donald Trump wéi och eng Rei vu senge Familljember eng Wunneng. Zudeem huet d'Trump Organization an dësem Gebai e Sëtz.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, dass dës Informatiounen der Realitéit entspriechen?
2. Fir wéi vill Dollar gëtt d'Appartement am Trump Tower pro Mount gelount?
3. Wéi laang sollen d'Renovatiounsaarbechten dauere respektiv fir wéi vill Méint gëtt d'Appartement am Trump Tower gelount?
4. Ass de Minister der Meenung, dass et moralesch ze verrieden ass, dass ausgerechent am Trump Tower eng Wunneng gelount gouf?
5. Ass de Minister der Meenung, dass d'Loune vum Appartement am Trump Tower een diplomatesche Faux-pas duerstellt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven  
Deputéierten



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)